LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro N° 3845 vum 25. Mäerz 2026 vun der honorabeler Deputéiert Alexandra Schoos zum Sujet "Conflits d'intérêts et participation des mandataires communaux aux délibérations et votes".

Froen 1., 2. an 3.
Huet d'Regierung no dësem Urteel Instruktiounen, Circulairen oder offiziell Positiounen un d'Gemengen am Land weidergeleet, wat d'Participatioun vu Gemengeréit un Deliberatiounen a Votten ugeet?
Wa jo, wéi eng konkret Richtlinne goufen dobäi festgeluecht, besonnesch fir Situatioune mat méiglechen Interessekonflikter?
Wann nee, ass virgesinn, esou Richtlinnen auszeschaffen? Wa jo, a wéi engem Zäitraum kéint dat geschéien?

D'Gemengen gin per Circulaire iwwer d'Portée vum Urteel informéiert soubal wéi den Délai d'Appel ofgelaf ass. Sollt Appel géint d'Urteel ageluecht gin, muss den Arrêt d'Appel ofgewart gin.

4. Ass geplangt, dat aktuellt Gemengegesetz unzepassen, fir dës Situatioune méi kloer ze encadréieren an de Gemengemandatairen déi néideg rechtlech Sécherheet ze garantéieren?

Ech verweisen op d'Äntwert op déi éischte Fro.

5. Sinn der Regierung zënter dem Urteel an der Affär ëm e fréiere Buergermeeschter vun der Gemeng Déifferdeng weider Fäll gemellt ginn, déi ënnert d'Bestëmmunge vun der „prise illégale d'intérêts“ kéinte falen?

Nee.

Lëtzebuerg, den 2. Abrëll 2026
Den Inneminister,
(s.) Léon GLODEN